- Noperen hun mat deene een frëndschaftlech Relatiounen huet	1	2	3
- mat Frënn oder Famill kënnen erausgoen	1	2	3
- nëtzlech sin fir déi aner Leit	1	2	3
- sech unerkannt fillen an der Gesellschaft	1	2	3
- um gesellschaftlechen Liewen deelhuelen (duerch Veräiner, Gewerkschaften, Parteien, ...)	1	2	3

84. A vun dëse Sachen, get et der do déi Dir nët hut an déi Iech feelen?
KAART WEISEN MEI ÄNTWERTE MEIGLECH

1 - fléissend Wasser, Elektresch ze hun
2 - eng Sozialversecherung hun wann een se brauch: z.Bsp: Chômage, Krankheet, Invaliditéit, Alter
3 - Toiletten a senger Wunneng hun
4 - eng Wunneng hun wou jidderee sen Plaz kann hun
5 - eng gudd Ausbildung hun
6 - en Auto zur Verfügung hun
7 - genuch Fräizäit hun a genuch Mëttelen fir dervun ze profitéieren
8 - eng gesond Ernährung hun

9 - eng gudd berufflech Situatioun hun
10 - op d'mannst 1 x d'Joer an d'Vakanz goen
11 - garantéierten Zougang zur Krankepfleg hun
12 - Noperen hun mat deenen een frendschafltech Relatiounen huet
13 - mat Frënn oder Famill kënnen erausgoen
14 - nëtzlech sin fir déi aner Leit
15 - sech unerkannt fillen an der Gesellschaft
16 - um gesellschaftlechen Liewen deelhuelen (duerch Veräiner, Gewerkschaften, Parteien, ...)
17 - NSP

85. Ech stellen Iech elo e puer Froen iwert verschidden Aspekter vun Ärerm alldegleche Liewen. Sot mir w.e.g. all Kéier ob et Iech fir dësen Aspekt gudd geet, ob et kënnt besser goen, ob et nët gudd geet oder ob et guer nët geet.
LESCHT WEISEN

	geet gudd	kënnt besser goen	geet nët gudd	geet guer nët gudd	? NSP
- Ärt Haus oder Appartement	1	2	3	4	5
- d'Gëigend wou Dir wunnt	1	2	3	4	5
- Ärt Akkommes	1	2	3	4	5
- Är berufflech Situatioun	1	2	3	4	5
- Äre Liewensnivo	1	2	3	4	5
- d'Art a Weis wéi Dir Är Fräizäit kënnt ausnotzen	1	2	3	4	5
- Är Ernährung	1	2	3	4	5
- Sozial Entschiedegungen bei Krankheet, Invaliditéit, Aarbechtslosegkeet, Alter	1	2	3	4	5
- Är Transportméiglechkeeten fir schaffen an akafen ze goen	1	2	3	4	5
- Äre Gesondheetszoustand	1	2	3	4	5
- d'Zäit déi Dir zur Verfügung hut fir dat ze machen wat Dir ze machen hut	1	2	3	4	5
- Ären allgemengen Bildungs- a Wëssensnivo	1	2	3	4	5
- de Respekt deen déi aner Leit hun, Iech vis-à-vis	1	2	3	4	5
- am Allgemengen, d'Kontakter mat de Leit	1	2	3	4	5

86. Verschidde Leit hun nët genuch Akommes a mussen sech emmer aschränken. Dir selwer, sid Dir an deem Fall?
1 - Jo
2 - Nee
3 - NSP

87. Mir schwätzen elo iwert d'Armut an iwert d'sozial Exclusioun an Isolatioun. Mat sozialer Exclusioun an Isolatioun menge mir Gruppen vun Leit oder eenzel Leit déi permanent vun engem normalen ekonomeschen an sozialen Liewen ausgeschloss sin an déi um Plang vun Aarbecht, Bildung, Akommes, Wunneng, Gesondheet, asw mëttellos an benodeelegt sin.
Wat fannt Dir, wär déi bescht Art a Weis fir géint d'Armut an sozial Exclusioun an Isolatioun ze kämpfen an fir jidderengem d'Méiglechkeet ze gin, fir seng Plaatz an der Gesellschaft ze fannen?

1 - d'Aktiounen op prioritär Beräicher konzentréiern
2 - global Aktiounen ennerhuelen an all de Beräicher déi en Afloss op Aarmut an sozial Exclusioun hun
3 - NSP

88. Wann Dir miβt prioritär Beräicher eraussichen fir géint d'Aarmut an sozial Exclusioun ze kämpfen, wéieng miβten Ärer Meenung no erausgesicht gin?
LESCHT WEISEN MAXIMUM 3 ÄNTWERTEN

1 - Wunnen
2 - Aarbecht
3 - Sozialversécherung
4 - Akommes
5 - Zougang zu kulturellen Aktivitéiten
6 - Gesondheet
7 - Educatioun
8 - Berufsbildung
9 - NSP

89. Eng Rei Leit fannen, daß et nëideg ass, jidderengem verschidden Rechter ze garantéiern, fir daß jiddereen mat Dignitéit kann liewen. Fir all Meenung, déi ech lech elo opzielen, sot mir w.e.g ob Dir domat averstane sid oder nët.
VIRLIESEN

	averstan	nët averstan	NSP
- Jidderen muß d'Recht hun gepflegt ze sin, ouni daß d'Käschten dervun dat hënneren	1	2	3
- jiddereen muss d'Recht hun eng anstänneg Wunneng zu engem verstännege Präis ze kréien	1	2	3
- all Persoun muss d'Recht op eng Berufsausbildung hun	1	2	3
- Eng obligatoresch a gratis Schoul sollt jidderengem d'Méttelen gin fir sech an d'Gesellschaft ze intégréieren	1	2	3
- Lokatären, déi Schwieregkeeten hun fir hiere Loyer ze bezuelen sollten géint d'Expulsioun ouni Relogement beschützt gin	1	2	3
- Jiddereen sollt d'Recht hun fir sech aktiv un Associatiounen ze bedeelegen	1	2	3
- den Zougang zu den Gerichter mißt gratis sin fir déi, déi d'Méiglechkeet nët hun fir dofir ze bezuelen	1	2	3
- Och wann een nët kann bezuelen, sollt jiddereen d'Recht op e Minimum vum Wasser, Gas an Elektresch hun	1	2	3
- Fir ze vermeiden, daß d'Kanner placéiert gin, sollten all Famillen gehollef kréien, hir Kanner selwer opzezéihen	1	2	3
- d'Recht op Aarbecht muss garantéiert sin	1	2	3
- En Dag iwer dem Kapp muss den Obdachlosen garantéiert gin	1	2	3
- Jiddereen mißt Zougang hun zur Kultur	1	2	3
- D'Wahlrecht muss wirklech fir jiddereen garantéiert sin	1	2	3

90. Fannt Dir dass hei zu Lëtzebuerg d'Autoritéiten alles machen wat se sollen fir d'arm Leit, dass se zevill machen oder dass se nët genuch machen?

1 - machen zevill
2 - machen wat se sollen
3 - machen nët genuch
4 - NSP

91. Get et esou wäit Dir Bescheed wësst hei zu Lëtzebuerg ee vun öffentlecher Säit garantéiert Mindest-Akommes? WA JO: Fir wien as dëst garantéiert Mindest-Akommes Ärer Meenung no geduecht?
LESCHT WEISEN

1 - all Persoun déi nët iwer d'Mindest-Akommes verfügt
2 - nëmmen déi Persounen déi nët iwre d'Minimum-Akommes verfügen a verschidden Konditiounen erfëllen ewéi Alter, Nationalitéit, Situatiounen um Aarbechtsmart
3 - et get keen garantéiert Mindestakommes
4 - NSP

92. Verschidde Länner erkennen allen Erwuessenen d'Recht op e Mindestakommes un. Wéieng vun dësen Meenungen kënnt am meeschten op Är Meenung eraus?
LESCHT WEISEN
1 - Dëst Recht encouragéiert d'Liddregkeet an d'Ofhängegkeet
2 - Dëst Recht mißt ouni Konditiounen garantéiert gin
3 - Dëst Recht mißt nëmmen deenen garantéiert gin, déi sech engagéieren, eppes ze machen fir hir Situatioun ze verbesseren (eng Wunneng sichen, eng Aarbecht sichen, eng zousätzlech Formatioun machen
4 - Dëst Recht mißt vun Mooßnahmen begleet gin, déi et méi einfach machen sech, an d'Gesellschaft ze integréieren
5 - NSP

93. Ärer Meenung no, wien mißt sech asetzen fir d'Armut an d'sozial Exclusioun ze bekämpfen?
LESCHT WEISEN E PUER ÄNTWERTEN

1 - déi öffentlech Behörden (op verschiddenen Niveau'en)
2 - Associatiounen vun Fräiwëllegen
3 - d'Betriebspatron'en
4 - all Bierger
5 - d'Kirchen
6 - d'Gewerkschaften
7 - déi Aarm selwer
8 - keen
9 - NSP

94. Wat halt Dir vun der Art a Weis wéi d'Médien (de Radio, d'Televisioun, d'Zeitungen) eis Informatiounen iwert d'Armut an d'sozial Exclusioun bei eis gin?
LESCHT WEISEN E PUER ÄNTWERTEN

1 - d'Medien schwätzen zevill iwert d'Armut an de Länner vun der 3. Welt an nët genuch iwert d'Armut hei bei eis
2 - Wann sie iwert Leit schwätzen, déi an Aarmut liewen, déi ausgeschloß sin, sollten se manner d'Sensatioune sichen an méi Respekt weisen
3 - D'Medien halen eis gudd a genuch iwert d'Armut bei eis informéiert
4 - D'Medien gin eis gudd, awer nët genuch Informatioun iwert d'Armut bei eis
5 - Aner
6 - NSP

95. Ärer Meenung no, wat miβt d'Roll vun den Associatiounen vun Fräiwëllegen sin, wann et em d'Leit geet, déi aarm oder ausgeschloss sin?
E PUER ÄNTWERTE MEIGLECH LESCHT WEISEN

1 - hinnen Suen, Kleeder, Ieβen, en Dach iwert dem Kapp gin
2 - Drock op déi öffentlech Behörden ausüben, fir daβ hir Positioun an der Gesellschaft verbessert get
3 - hinnen hëllefen, sech selwer ze organiséieren
4 - lokal Aktiounen organiséieren fir hinnen ze hëllefen, sech erem an d'Gesellscahft ze integréieren (Basisbildungscoursen organiséieren, eng Berufsausbildung organiséieren, Aarbechtsplazen kreéieren, Logement verbesseren)
5 - Versichen, daβ sie besser am sozialen an politeschen Liewen vertratt sin, doduerch, daβ een se vertrett oder daβ een hinnen hëlleft Vertrieder ennert sech erauszesichen
6 - Institutiounen fëieren, déi hinnen en Logement an Pfleg bidden
7 - NSP

96. Fannt Dir, daβ Leit déi an de schwirege Konditiounen liëwen, Associatiounen sollten bilden, déi se representéieren kéinten an hir Interessen kéinten verteidegen?
LESCHT WEISEN

1 - Nee, et gin de'er schon genuch
2 - Jo, et gin keng der Associatiounen (oder nët genuch) an si wären nëtzlech
3 - Nee, dat hätt kee Wert
4 - Ech hun nach nie doriwer nogeduecht, awer ech wéiβt gären méi doriwer
5 - NSP

97. Wéieng Roll spillen d'Gewerkschaften haut zu Lëtzebuerg, fir d'sozial Integratioun vun all Leit ze erméiglechen.
LESCHT WEISEN NEMMEN 1 ÄNTWERT

1 - Sie këmmeren sech besser wéi virdrun em déi, déi vum Aarbechtsmaart ausgeschloss sin
2 - Sie machen wat sie kënnen mat de Mëttelen déi sie hun
3 - Sie verteidegen nëmmen d'Interessen vun dene Leit déi eng Aarbecht hun
4 - Et hängt vun der Gewerkschaft of (SPONTAN)
5 - Aner
6 - NSP

98. Wéieng Roll miβten d'Gewerkschaften am Kampf géint d'Armut an d'sozial Exclusioun spillen? Wéieng vun dësen Meenungen kënnt am meeschten op Är Meenung eraus?
E PUER ÄNTWERTEN LESCHT WEISEN

1 - et as nët hir Roll
2 - Sie sollten an lokalen Aktiounen Deel huelen fir géint d'Armut ze kämpfen
3 - Sie sollten mat den Patron'en (Arbeitgeber) handelen fir d'Situatioun vun denen méi schwachen Aarbechter ze verbesseren
4 - Sie miβten Drock op d'Politiker ausüben fir eng allgemeng Politik ze développéieren fir géint d'Aarmut an d'sozial Exclusioun ze kämpfen (iwert de Problem vun der Aarbechtslosegkeet eraus)
5 - Sie miβten déi Aarbechtslos vertrieden an hir Interessen verteidegen
6 - NSP

99. Wéieng Roll spillen d'Arbeitgeber (Patronen) haut zu Lëtzebuerg, fir d'sozial Integratioun vun alle Leit ze erméiglechen?
LESCHT WEISEN NEMMEN 1 ÄNTWERT

1 - Sie kënnen nët méi machen wéi dat wat sie schon machen
2 - Sie sin responsabel fir d'Ausmoβ vun der Aarbechtslosegkeet
3 - Sie bekëmmeren sech nët em déi schwächst Aarbechter an em déi déi vum Aarbechtsmart ausgeschloss sin
4 - Et hängt vum Arbeitgeber (Patron) of (SPONTAN)
5 - NSP

100. Wéieng Roll miβten d'Arbeitgeber (Patron) am Kampf géint d'Armut an d'sozial Exclusioun spillen? Wéieng vun dësen Meenungen kënnt am meeschten op Är Meenung eraus?
E PUER ÄNTWERTEN LESCHT WEISEN

1 - et as nët hir Roll
2 - an hire Betrieber Aktiounen ennerstëtzen fir Persounen mat Schwieregkeeten ze reintegréieren
3 - e Maximum un Kënnegungen verhënneren
4 - Sie miβten Drock op d'Politiker ausüben fir eng allgemeng Politik ze développéieren fir géint d'Aarmut an d'sozial Exclusioun ze kämpfen
5 - NSP

101. Ärer Meenung no, soll d'EG sech em de Kampf géint d'Armut an d'sozial Exclusioun këmmeren?
1 - Jo
2 - Nee
3 - NSP

102. Hut Dir schon eppes vun enger Aktioun vun der EG am Beräich vum Kampf géint d'Armut an d'sozial Exclusioun?
WA JO: Fannt Dir, daβ dat eng gudd Saach as oder eng schlecht?

1 - jo, eng gudd Sach
2 - jo, eng schlecht Sach
3 - jo, weder gudd nach schlecht (SPONTAN)
4 - Nee, näischt dovun héieren ┐
5 - NSP ┘-> Q104.

103. Fannt Dir daβ d'Europäesch Gemeinschaft genuch mecht oder nët fir géint d'Armut an d'sozial Exclusioun ze kämpfen?
1 - genuch
2 - nët genuch
3 - NSP

104.	Fannt Dir daß de Kampf gëint d'sozial Exclusioun en prioritärt Ziel fir d'Europäesch Unioun sollt gin oder nët?	1 - Jo 2 - Nee 3 - NSP
105.	D'Europäesch Gemeinschaft huet sech engagéiert, dem europäesche Bannemart eng sozial Dimensioun ze gin. Déi besteht aus enger Rei vun Regelen déi d'selwecht fir all Memberland sin iwert z.b. d'Rechter an d'Obligatiounen vun den Aarbechter an Arbeitgeber. Ärer Meenung no, as dëser sozialer Dimensioun vun der Europäescher Gemeinschaft genuch Wichtegkeet am Verglach mat der wirtschaftlecher Dimensioun bäigedroen gin? Sicht Iech w.e.g. eng vun de folgenden Äntwerten eraus. LESCHT WEISEN 1 - Déi sozial Dimensioun huet genuch Wichtegkeet an der Construktioun vum Europäesche Bannemart kritt 2 - Déi sozial Dimensioun huet zevill Wichtegkeet an der Construction vum Europäesche Bannemart kritt 3 - Déi sozial Dimensioun huet nët genuch Wichtegkeet an der Constructioun vum Europäesche Bannemart krit 4 - Ech wees näischt doriwer	
106.	Als Nofolg vum Europäesche Bannemart, mengt dir, daß d'Ennerscheeder tëschent den Räichen an den Armen .. VIRLIESEN 1 .. méi grouß wärten gin 2 .. méi kleng wärten gin 3 .. d'selwecht wärten bleiwen 4 -- NSP	
107.	Dat sozialt Kapitel vum Vertrag vun Maastricht gesäit fir, daß den Kampf gëint d'Armut an d'sozial Exclusioun en neit Ziel fir fir déi Europäesch Unioun gët. As dat eppes Guddes oder eppes Schlechtes?	1 - eppes Guddes 2 - eppes Schlechtes 3 - weder gudd nach schlecht (SPONTAN) 4 - NSP
108.	A wann een Iech géif froen fir Iech e wéineg Zäit ze huelen fir sech em defavoriséiert Leit ze këmmeren, wärt Dir domat averstan oder nët?	1 - averstan 2 - nët averstan ┐ 3 - NSP ┘ -> Q 110.
109.	Wat fir eng Zort Aktivitéit wärt Dir bereet ze machen? LESCHT WEISEN MEI ÄNTWERTE MEIGLECH 1 - an engem Zenter fir Leit mat Schwieregkeeten hëllefen 2 - Verdeelung vu Kleeder ze organiséieren 3 - Kure gin fir liesen a schreiwen ze léieren 4 - den arme Leit oder Leit mat Schwieregkeeten bei hiren administrativen Affären hëllefen 5 - eppes ennerhuelen dass déi defavoriséiert Leit och därfe matschwätzen 6 - al Leit déi eleng si besiche goen 7 - de Chômeuren hëllefen eng Aarbecht ze fannen 8 - sech em Kanner mat Schwieregkeeten këmmeren 9 - NSP	
110.	Hut Dir schon eng Kéier e bëßche vun Ärer Zäit gin, fir Leit ze hëllefen, déi an ganz schwieregen Konditiounen liewen? WANN JO: Geschitt dat regelméisseg, heiansdo oder ganz rar?	1 - Jo, regelméisseg (wéinstens eemol all 14 Deeg) 2 - Jo, heiansdo 3 - Jo, ganz rar 4 - Nee, nie ┐ 5 - NSP ┘ -> Q 112.
111.	A wat fir Aktivitéiten macht Dir do? LESCHT WEISEN MEI ÄNTWERTE MEIGLECH 1 - an engem Zenter fir Leit mat Schwieregkeeten hëllefen 2 - Verdeelung vu Kleeder ze organiséieren 3 - Kure gin fir liesen a schreiwen ze léieren 4 - den arme Leit oder Leit mat Schwieregkeeten bei hiren administrativen Affären hëllefen 5 - al Leit déi eleng si besiche goen 6 - de Chômeuren hëllefen eng Aarbecht ze fannen 7 - eppes ennerhuelen dass déi defavoriséiert Leit och därfe matschwätzen 8 - sech em Kanner mat Schwieregkeeten hëllefen 9 - NSP	
112.	Am Laaf vun den leschten 12 Méint, hut Dir Suen gin, fir Leit direkt oder indirekt ze hëllefen, déi an Armut an an der sozialer Exclusioun liewen? WANN JO: Geschitt dat reegelméisseg, heiansdo oder ganz selen? 1 - Jo, reegelméisseg 2 - Jo, heiansdo 3 - Jo, ganz rar 4 - Nee, nie ┐ 5 - NSP ┘ -> DEMO	
113.	Wéi hut Dir Suen gin? LESCHT WEISEN E PUER ÄNTWERTEN 1 - enger Associatioun vun Fräiwëllegen 2 - engem deen geheescht huet 3 - bei engem Opruff vun enger Kirch 4 - Leit, déi Dir kënnt a wou Dir woßt, daß sie an Schwieregkeeten waren 5 - aner 6 - NSP	

D1. Wann et iwert d'Politik geet, schwätzen d'Leit vu "Rechts" a "Lenks". Wou géift Dir Iech un hand vun dëser Skala situéieren? LESCHT WEISEN / P.I. MUSS ENG CASE UGIN / NAISCHT VIRSCHLOEN / WANN SIE ZECKT NACH ENG KEIER FROEN — T

LENKS 1 2 3 4 5 6 7 8 9 RECHTS 10

286
287 1 - Refus 2 - NSP

D2. Gët et eng Partei där Dir méi no stitt ewéi enger anerer? WA JO: Fillt Dir Iech ganz stark mat dëser Partei verbonnen, zimlech verbonnen oder sympathiséiert Dir nëmmen? — T

1 - Staark verbonnen
2 - Zimlech verbonnen
3 - Ech sympathiséieren nëmmen
4 - Ech stin kenger Partei no
288 5 - ? NSP

D4. Wann am Moment hei zu Lëtzebuerg Chamberwale géife gehale gin (ENNER 18: a wann Dir kéint mat wiéle goen) wat fir enger Partei géift Dir dann déi meeschte Stëmmen gin? — T

LESCHT WEISEN

1 - CSV
2 - LSAP
3 - DP
4 - KP
5 - Déi Gréng (GAP-GLEI)
7 - A.D.R. / 5/6 Rentelescht
8 - Nationalbewegung

20 - Aner Partei
21 - Wäiss / ongülteg
22 - Géif net stëmmen
23 - ? NSP
289 24 - Keng Äntwert → -> D5

D5. Wéienger Partei hut Dir bei de leschte Chamberwahlen 1989 déi meeschte Stëmme gin? — T

1 - CSV
2 - LSAP
3 - DP
4 - KP
5 - Déi Gréng (GAP-GLEI)
7 - A.D.R. / 5/6 Rentelescht
8 - Nationalbewegung

20 - Aner Partei
21 - Wäiss / ongülteg
22 - Huet net gestëmmt
23 - Erennert sech nët
290 24 - Keng Äntwert

FIR ALL P.I.

D6. a) Sid Dir perseinlech Member vun enger Gewerkschaft?
b) An as en Aneren aus Ärem Stot Member vun enger Gewerkscahft? — T

		Jo	Nee	NSP
291	P.I. selwer Member	1	2	3
292	Een aneren aus dem Stot as Member	1	2	3

D7. a) Am Moment, liewt Dir als Koppel, egal ob Dir elo bestued oder nët bestued sidd?
293 1 - jo, zu zwee
2 - Nee, nët zu zwee
3 - Wees nët

D7. b) Hei as eng Lescht déi verschidden méiglech Familliensituatiounen beschreiwt, kennt Dir mir de Bustaw gin deen am beschten Är Situatioun beschreiwt?
LESCHT WEISEN ENG EENZEG ÄNTWERT

1 - Bestued, hun virdrun nie als Koppel zesummengeliewt
2 - Bestued, hun schon virdrun als Koppel zesummengeliewt
3 - Erem bestued
4 - Jonggesell, hun nie mat engem zesummengeliewt
5 - Jonggesell, hun virdrun schon mat engem zesummengeliewt
6 - Gescheed
7 - Getrennt
8 - Witfra oder Witman
294 9 - ? NSP

D7. c) Hut Dir Kanner? Wéivill am Ganzen? ..... Kanner (0 = keng Kanner)

D8. Wéi al wart Dir wéi Dir mat Äre ganzdeegleche Studien opgehalen hut? — T

..... Joer
297 00 - as nach am gang ze studéieren ->D10

D9. Während wéivill Méint hut Dir ....?
VIRLIESEN
WANN NIE: CODE 00

298 - éventuell Är ganzdeeglech Studien erem opgeholl? ..... Méint

299 - éventuell eng Léier oder eng professionnell Formatioun matgemach ..... Méint

D10. Geschlecht P.I.
1 - Mann
2 - Fra
300 T

D11. Wéi al sid Dir? Alter: ..... 301 T

D12. Wéivill Leit liéwen an Ärem Stot, Dir selwer abegraff? 1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi 302 T

D12. a) Get et Leit iwer 65 déi an Ärem Stoot (ausser Iech selwer) de ganzen Zäit liewen?
1 - Jo
2 - Nee
303

D13. Wéivill Kanner enner 15 Joer liewen momentan bei Iech am Stoot?
1 - 1 Kand
2 - 2 Kanner
3 - 3 Kanner
4 - 4 Kanner
5 - 5 Kanner
6 - 6 Kanner
7 - 7 Kanner
8 - 8 Kanner
9 - 9 Kanner oder méi
10 - Keng Kanner enner 15 Joer
304

D14. Hut Dir oder een aneren aus Ärem Stoot .....
LIESEN

1 - Farwech TV	6 - Fotosapparat
2 - Videorekorder	7 - Elektresch Buermaschin
3 - Videokamera	8 - Elektresch Frittendeppen
4 - Radio-Wecker	9 - 2 Autoen oder méi
306 5 - PC, home computer	10 - Eng zweet Wunneng (WE) oder Vakanzwunneng

D15. a) Wat as Äre Beruf fir de Moment? TM
b) WA KENG AKTUELL AKTIVITEIT (CODEN 1-4)
Hat Dir eng bezuelte berufflech Aktivitéit virdrun gehat? Wat fir eng fir d'lescht?

	D15a) aktuelle Beruff 307	D15b) Beruff virdrun 308
Inaktiv		
- Persoun déi fir déi normal Akeef zoustänneg as, sech em de Stot kemmert (Hausfra) oder guer keng berufflech Aktivitéit huet	1	
- Schüler, Student	2	
- Zur Zeit ouni Arbecht, Chomeur	3	
- Pensionnéierten oder längeren Krankecongé	4	
Schafft op sech		
- Bauer	5	1
- Fëscher	6	2
- Fraiberuffler (Avekot, Dokter, Expertcomptable, Architekt)	7	3
- Commerçant, Geschäftsbesëtzer, Artisan	8	4
- Industriel, Proprietär vun engem Betrieb (ganz oder deelweis)	9	5
Gehaltsempfänger		
- bezuelte/salariéierte Fraiberuffler (Avekot, Dokter, Expertcomtable, Architekt déi eng fest Pei all Mount kréien)	10	6
- Cadre supérieur / dirigeant (PDG, Direkter)	11	7
- Cadre moyen	12	8
- Aner Kategorien vun Bürosemployeen	13	9
- Employeen déi nët am Büro schaffen mee ennerwee sin (Reesender, Chauffeur, Verkeefer, ..)	14	10
- Employeen déi net am Büro schaffen, (Service personal, ewéi Spidol, Restaurant, Polizei, Pomjeen)	15	11
- Firarbechter, Meeschter	16	12
- Kalifizéierten Arbechter	17	13
- Onkalifizéiert Aarbechter, Hauspersonal	18	14
- Hat nie eng bezuelte berufflech Aktivitéit	--	15

D15. c) Wart Dir am Laaf vun den leschten 5 Joer mol aarbechtslos oder nët?
WA JO: Wéivill Mool wart Dir am Laaf vun den leschten 5 Joer aarbechtslos?
[ ][ ]

D15. d) WANN JO BEI D15c - AARBECHTSLOS AM LAAF VUN DEN LESCHTEN 5 JOER
Wéi lang wart Dir am Ganzen am Laaf vun den leschten 5 Joer aarbechtslos?

1 - Bis 6 Méint
2 - Méi wéi 6 Méint - bis 1 Joer
3 - Méi wéi 1 Joer - bis 2 Joer
4 - Méi wéi 2 Joer - bis 5 Joer
5 - NSP, Refus

D15.	e) WANN AKOMMES-PERSOUN: CODES 10 BIS 18 BEI Q15A Hut Dir en geschriwenen Aarbechtskontrakt? WANN JO: As et en ... VIRLIESEN 1 .. "contrat à durée indéterminée" 2 .. "contrat temporaire" (INTERIM) 3 .. "contrat à durée déterminée" 4 .. Keen Kontrakt 5 -- NSP
D16. 309	FIR DEI, DEI AM MOMENT ENG BEZUELTEN BERUFLECH AKTIVITEIT HUN ODER OP EEGENEM NUMM SCHAFFEN: CODEN 5 BIS 18 BEI D.15 Wéivill Stonnen schafft Dir normalerweis an enger Woch? ..... Stonnen

CODEN 5 - 18 BEI D15a) ODER CODEN 1-14 BEI D15b)

D17. 311	Wéivill Leit hut/hat Dir ennert Ärer Direktioun/Opsicht? 1 - Keng 2 - 1 bis 4 3 - 5 bis 9 4 - 10 oder mei 5 - NSP

CODEN 10-18 BEI D15a) ODER 6-14 BEI D15b)

D18. 312	Schafft Dir/Hut Dir geschafft? 1 - Am öffentlechen Dengscht (Staat, Gemeng, Post, Kranken- a Pensiounskees) 2 - Nationaliséiert Betrieber (Eisebunn, Spuerkees, Mondorf-Etat,..) 3 - Privatindustrie 4 - Servicen am Privatsektor (Banken, Assurancen, Fiduciaires, Publicitéit, Reesbüro, Transport, ..) 5 - Wees et net a kann net vum Enquêteur kodeiert gin	T
D19.	Did Dir ..... FIRLIESEN	

		Jo	Nee
313	a) an Ärem Stoot, déi déi an éischter Platz responsabel as fir déi alldeeglech Akeef an fir de Stoot ze machen	1	2
314	b) déi Persoun, déi d'Haptakommes an de Stoot erabrengt?	1 -> D23	2

D20. 315	Wéi al war déi Persoun déi d'Haptakommes an de Stot brengt wéi se mat hire ganzdeeglechen Studien opgehalen huet? ..... Joer 00 - as nach am gang ze studéieren	TM

D21. a) Wat ass de Beruff vun der Persoun deen d'Haaptakommes vum Stoot huet? TM
b) Hat des Persoun virdrun eng bezuelten Beschäftegung?

	D21a) aktuelle Beruff 316	D21b) Beruff virdrun 317
Inaktiv		
- Persoun déi fir déi normal Akeef zoustänneg as, sech em de Stot kemmert (Hausfra) oder guer keng berufflech Aktivitéit huet	1	
- Schüler, Student	2	
- Zur Zeit ouni Arbecht, Chomeur	3	
- Pensionnéierten oder längeren Krankecongé	4	
Schafft op sech		
- Bauer	5	1
- Fëscher	6	2
- Fraiberuffler (Avekot, Dokter, Expertcomptable, Architekt)	7	3
- Commerçant, Geschäftsbesëtzer, Artisan	8	4
- Industriel, Proprietär vun engem Betrieb (ganz oder deelweis)	9	5
Gehaltsempfänger		
- bezuelte/salariéierte Fraiberuffler (Avekot, Dokter, Expertcomtable, Architekt déi eng fest Pei all Mount kréien)	10	6
- Cadre supérieur / dirigeant (PDG, Direkter)	11	7
- Cadre moyen	12	8
- Aner Kategorien vun Bürosemployeen	13	9
- Employeen déi nët am Büro schaffen mee ennerwee sin (Reesender, Chauffeur, Verkeefer, ..)	14	10
- Employeen déi net am Büro schaffen, (Service personal, ewéi Spidol, Restaurant, Polizei, Pomjeen)	15	11
- Firarbechter, Meeschter	16	12
- Kalifizéierten Arbechter	17	13
- Onkalifizéierten Arbechter, Hauspersonal	18	14
- Hat nie eng bezuelte berufflech Aktivitéit	--	15

D22.	Wéivill Leit huet/hat déi Persoun ennert hirer Direktioun/Opsicht? 1 - Keng 2 - 1 bis 4 3 - 5 bis 9 4 - 10 oder mei 318 5 - NSP		
D23.	Wann ech Iech géif froen fir e vun deene 5 Nimm hei ze wielen fir Är Sozialklass ze bestemmen, zu wéienger géif Dir da soen, dass Dir gehéiert? LESCHT D23 WEISEN NEMMEN 1 ÄNTWERT 319	1 - Méttelklass 2 - Ennescht Méttelklass 3 - Arbechterklass 4 - Ierwescht Klass 5 - Ierwescht Mettelklass 6 - Refuséiert sech ze klasséieren 7 - Aner PRÄZISEIEREN: ..... 8 - ? NSP	T
D24.	Wunnt Dir an engem Haus oder an engem Appartement? An Sid Dir oder Är Famill sid Dir Proprietär oder Lokatär vun Ärer Wunneng? LESCHT D24 WEISEN 1 - Proprietär (och nach mat Schold) vun engem Haus 2 - Proprietär (och nach mat Schold) vun engem Appartement 3 - Lokatär vun engem Haus dat enger Privatpersoun oder enger Gesellschaft gehéiert 4 - Lokatär vun engem Appartement dat enger Privatpersoun oder enger Gesellschaft gehéiert 5 - Lokatär vun enger Sozialwunneng (Haus) 6 - Lokatär vun enger Sozialwunneng (Appartement) 7 - Aner (Zemmer, Pensioun, asw.) 320 8 - NSP		T
D25.	Géift Dir soen dass Dir ... 321	1 .. um Land oder an engem Duerf 2 .. enger klenger oder méttelgrousser Stad 3 .. an enger grousser Stad ..... liéwt 4 .. NSP	T
D26.	Fannt Dir dass dir enger Relioun ugehéiert? WA JO: wéienger? 322	1 - Kathoulesch 2 - Protestantesch 3 - Orthodox 4 - Jüdesch -> D27 5 - Moslemesch 6 - Buddhistesch 7 - Hinduistesch 8 - Aner PRÄZISEIEREN: ..... -> D28 9 - Keng 10 - NSP	T
D27.	Git Dir an e reliéisen Dengscht (Mass): e puer mol an der Woch, 1 mol d'Woch, e puer mol am Joer, 1 mol d'Joer oder manner oft, oder nie? 323	1 .. E puermol an der Woch 2 .. Eemol d'Woch 3 .. E puermol am Joer 4 .. 1 mol am Joer oder manner oft 5 .. Nie 6 ? NSP	T
D28.	Egal ob Dir elo praktizéiert oder net, géif Dir soen, dass Dir 324	1 .. Eng reliéis Persoun sid 2 .. Eng net reliéis Persoun sid 3 .. En Agnostiker sid 4 .. En iwerzeegten Atheist sid 5 ? NSP	T
D29.	Mir wéllen d'Resultater vun dëser Etude am Vergläich zum Familjenakommes vun de Leit analyséieren. Hei ass eng Monats-akommestabell. LESCHT AKOMMES WEISEN Rechent w.e.g. all Akommes a monatlech Peien vun alle Memberen aus dem Stoot, all Pensiounen, Allokatiounen a Kannergeld zesummen an och all anert Akommes ewéi Loyeren asw. Är Äntwert op des Fro get natirlech ewéi och déi aner aus desem Interview streng vertraulech behandelt an all Referenz op Iech oder Äre Stoot get onméiglech. Sot mir de Bustaw deen op d'Akommes vun Árem Stoot zoutréfft, BRUTTO also ouni dass Steieren an Soziallaschten ofgehalen sin. 325	1 - B manner ewéi 50.000 Frang am Mount 2 - T 50.000 bis 59.999 Frang am Mount 3 - P 60.000 bis 69.999 Frang am Mount 4 - F 70.000 bis 79.999 Frang am Mount 5 - E 80.000 bis 89.999 Frang am Mount 6 - H 90.000 bis 94.999 Frang am Mount 7 - L 95.000 bis 99.999 Frang am Mount 8 - N 100.000 bis 109.999 Frang am Mount 9 - R 110.000 bis 119.999 Frang am Mount 10 - M 120.000 bis 129.999 Frang am Mount 11 - S 130.000 bis 139.999 Frang am Mount 12 - K 140.000 a mei am Mount 13 - Refus 14 - ? NSP	TM
D29.	a) Am Laaf vun den leschten 5 Joer, ass d'Akommes vun Árem Stoot ...? VIRLIESEN	1 .. erop gangen 2 .. d'selwecht bliwen 3 .. erof gangen 4 .. huet vun Zäit zu Zäit geschwankt 5 .. NSP, Refus	
D29.	b) Am Laaf vun den nächsten 5 Joer, mengt Dir, daß d'Akommes vun Árem Stoot wärt ...? VIRLIESEN	1 .. eropgoen 2 .. d'selwecht bleiwen 3 .. eropgoen 4 .. vun Zäit zu Zäit schwanken 5 .. NSP, Refus	

D29. c) Wat as déi wichtegst Akommesquell vun Ärem Stoot?
LESCHT WEISEN NEMMEN 1 ÄNTWERT

1 - Aarbecht
2 - Pensioun
3 - Sozialleeschtungen (Arbechtslosengeld, Krankekeesegeld, Invaliderent)
4 - Loyer'en, Erspuernësser, Placementer
5 - Revenu minimum garanti (RMG) oder Geld vum office social (Armebüro)
6 - aner (Produkter vum Gart, Cadeau'en, ..)
7 - NSP, Refus

D29. d) Alles an allem, op wat fir engem Niveau steet Är Famill wann et sech em de Liewensstandart handelt?
Dir kënnt äntwerten an deem Dir mir eng Ziffer tëschent 1 a 7 git.
LESCHT WEISEN
D'Ziffer 1 heescht "arm Famill", d'Ziffer 7 heescht "räich Famill". Déi aner Zifferen sin fir d'Positiounen dertëschent.

9=NSP

1	2	3	4	5	6	7
arm						räich

D29. e) Wou géift Dir op der selweschter Lescht Äre Papp situéieren wéi hien esou al war wéi Dir elo?
LESCHT WEISEN

9=NSP

1	2	3	4	5	6	7
arm	8. Papp war doud an deem Alter (SPONTAN)					räich

D29. f) Am Laaf vun den leschten 12 Méint, hat Dir oder en Member vun Ärem Stoot Schwieregkeeten fir ...?

VIRLIESEN

	keng Problemer	e puer Problemer	vill Problemer	enorm vill Problemer	NSP
a den Loyer oder den Prêt vun der Wunneng bezuelen	1	2	3	4	5
b d'Wasser-, d'Gas-, d'Elektrizitéits-, oder d'Heizungsrechnung ze bezuelen	1	2	3	4	5
c d'Ießen ze bezuelen	1	2	3	4	5
d Prêt'en zreckzebezuelen (außer Wunneng)	1	2	3	4	5

D29. g) Wéi gudd kommt Dir mam Akommes vun Ärem Stoot iwert d'Ronnen fir dem Moment?
LESCHT WEISEN

1 - mat grousse Schwieregkeeten
2 - mat Schwieregkeeten
3 - einfach
4 - immens einfach
5 - NSP/Refus

D29. h) A wat fir engen Situatiounen vun deene hei war Dir schons?
LESCHT WEISEN MEI WEI ENG ÄNTWERT

1 - Ech war obdachlos an hun bei Leit gewunnt, déi ech kannt hun (Famill, Frënn)
2 - Ech war obdachlos an ech hun an engem Haus fir déi Obdachlos gewunnt
3 - Ech war obdachlos an ech hun mißten dobaussen ob der Strooß schloofen oder op Plazen wéi Garen, verlooßen Heiser
4 - Ech war nach nie obdachlos
5 - NSP/Refus

INTERVIEWPROTOKOLL

P.1.	Date: 352 jour 353 mois P.2. Heure de début de l'interview 0.00 - 23.59: 354 heure(s) 355 minutes P.3. Nombre de minutes de l'interview: 356 minutes	T
P.4. 357	Nombre de personnes présentes pendant l'interview 1 - Deux (l'enquêteur et le répondant) 2 - Trois 3 - Quatre 4 - Cinq et plus	T
P.5. 358	Coopération du répondant 1 - Excellente 2 - Bonne 3 - Moyenne 4 - Médiocre	T
P.6. 359	Awunnerzuel vun der Gemeng NOTER LE VILLAGE 1 - ënnert 2.500 2 - 2.500 - 5.000 3 - 5.000 - 10.000 4 - 10.000 - 20.000 5 - 20.000 - 50.000 (Esch) 6 - iwert 50.000 (Stad Lëtzebuerg)	T
P.7.	1 - ZENTRUM 2 - SÜDEN 3 - NORDEN 4 - OSTEN 360	T
P.8.	Code postal: L - 361	T
P.9.	Nr. Adresse de départ 362	
P.10	Numm vum Enquêteur: ..... Nummer: 363	T
P.12	Telefon am Stoot 1 - Jo 2 - Nee 365	T